adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 MARS 2019
501

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister an den Här Minister fir ëffentlech Bauten weiderzeleeden.

D'Lëtzebuerger Legislatioun iwwer d'Accessibilitéit vun ëffentleche Gebaier schreift eng Rei vu Critère vir, déi de Leit mat enger Behënnerung oder mat aneren temporären oder permanente Mobilitéitsschwieregkeeten solle d'Liewe méi einfach maachen a fir hir Inclusioun suergen. Dës Virschrëfte gëllen och fir d'Schoulen, wou Schüler mat enger Behënnerung sollen ouni Problemer erakommen a fräi am Gebai zirkuléiere kënnen.

Dowéinst wollt ech den Häre Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ass déi aktuell Situatioun am Lëtzebuerger Land am Hibléck op de sougenannten "Accès ouni Barrièren" an deene Gebaier, déi zu edukativen Zwecker déngen?
2. Gëtt et eng Oplëschtung vun deene Gebaier, déi eventuell nach net voll behënnertegerecht sinn, mat engem Zäitplang, wéini déi baulech adaptéiert ginn? Bis wéini kann domat gerechent ginn, datt all Schoulen am Land behënnertegerecht sinn?
3. Wat geschitt bis dohi mat deene Kanner mat Mobilitéitsschwieregkeeten, déi an enger nach net adaptéierter Schoul ageschriwwe ginn? Wat geschitt zum Beispill mat Kanner, déi opgrond vun engem Accident oder enger Krankheet temporär op e Rullstull ugewise sinn? Wéi gëtt den Unterrecht fir déi Kanner assuréiert, wa si keen Accès zu hirer Schoul hunn? Ass sécher gestalt, datt si kee schouleschen oder aneren Nodeel duerch hir Situatioun hunn? Gi si zäitweileg an eng aner Schoul transferéiert oder ass eng Alternativ, do wou dat méiglech a gewënscht ass, fir si doheem ze ënnerriichten?

**ADR - Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR - Parti politique**

4. Wéi ass déi zivilrechtlech Verantwortung fir dee Fall gereegelt, an dem eng an hirer Mobilitéits ageschränkte Persoun zu Schued kéim, well e Schoulgebai nach net behënnertegerecht adaptéiert ass?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 15 avril 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics à la question parlementaire N° 501 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

A senger parlamentarescher Ufro wollt den honorabelen Deputéierten sech iwwert d'Accessibilitéit vun den ëffentleche Schoulen informéieren.

**Ad 1) + 2)**

Fir d'éischt ass ze präziséieren, datt de Lëtzebuerger Staat eng ronn 40 Lycéeën a sengem Patrimoine huet, zu deenen am Ganzen ongeféier 125 Gebaier gehéieren.

Rezent Konstruktioune respektéiere souwuel d'Gesetz vum 29. Mäerz 2001 vun der „accessibilité des lieux ouverts au public" wéi och d'Gesetz vum 19. Mäerz 1988 vun der „sécurité dans les administrations et services de l'État, dans les établissements publics et dans les écoles". D'Ëmsetzung vu béide Gesetzer gëtt vum Service national de la sécurité dans la Fonction publique bei der Planung an am Bau vun edukative Gebaier iwwerwaacht.

Och bei gréisseren Transformatiounen oder Modernisatioune vu méi ale Gebaier ginn dës Direktiven natierlech berécksiichtegt an sou gutt wéi méiglech ëmgesat. Bei historesch wäertvolle Gebaier stéisst een do heiansdo u Grenzen, sou datt et eventuell net méiglech ass, e Gebai komplett accessibel ze maachen, mee just en Deel oder e Stack zum Beispill.

Am Joer 2015 huet de Familljeministère zesumme mat der ADAPTH a.s.b.l. ee Formulaire ausgeschafft, fir de Stand vun den ëffentleche Gebaier am Hibléck op d'Accessibilitéit kënnen anzeschätzen. D'Questionnairë goufe vun de responsabele Leit an de Gebaier selwer ausgefëllt, an dëst souwuel an de Staatsproprietéite wéi och an de Gemengen. Bei dëser Enquête huet sech kee vun den deemools 36 Lycéeë vum Staat als net accessibel erausgestallt. Méi wei 3/4 vun de Gebaier sinn „entièrement accessible" an „accessible avec légers défauts". Déi aner sinn all deels accessibel, respektiv um Rez-de-chaussée accessibel. Wuel bemierkt ënnerleien d'Primärschoulen der Gestioun vun de jeeweilege Gemengen.

En Zäitplang fir eng behënnertegerecht Transformatioun vun de Schoule gëtt et net. Déi néideg baulech Adaptatioune si bei historesche Gebaier oft mat sou engem groussen Opwand verbonnen, datt dës net kënne realiséiert gi wann d'Gebai besat ass, an een normale Schoulbetrib soll garantéiert bleiwen. Aus dësem Grond ginn esou Adaptatiounen an der

127-000188-20040816-FR

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

Reegel just am Kader vu gréisseren Transformatiounen a Modernisatioune mat berécksiichtegt. Natierlech goufen a ginn awer punktuell Interventiounen, wéi zum Beispill Rampen nieft Trapen an den Haaptentréeën, realiséiert, wann dëst méiglech a sënnvoll ass.

Ënner Berécksiichtegung vun der Tatsaach, datt quasi bei all deene méi historesche Schoulgebaier an der noer Zukunft eng gréisser Sanéierung envisagéiert gëtt, kann een dovun ausgoen, datt dann och all d'Schoule wäerte behënnertegerecht sinn, souwäit d'Bausubstanz an den Denkmalschutz dëst zouloossen.

**Ad 3)**

Fir Kanner, déi opgrond vun engem Accident oder enger Krankheet temporaire oder längerfristeg an hirer Mobilitéit ageschränkt sinn, sicht d'Schoul, zesumme mam Gestionnaire vum Gebai, no Léisunge fir d'Accessibilitéit fir de Schüler ze erméiglechen. Dës Mesurë kënnen ënner anerem dora bestoen, datt ee Klassesall op de Rez-de-chaussée verluecht gëtt, fir Trapen ze evitéieren, oder duerch d'Installéiere vun enger Ramp bei der Entrée oder och am Gebai selwer.

Fir Kanner, déi eventuell guer net kënnen um reguläre Schoulunterrecht deelhuelen — a fir sécher ze goen, datt si keen Nodeel hunn — besteet zum engen d'Méiglechkeet datt si d'Matière vun der Schoul zur Verfügung gestallt kréien, fir déi vun doheem aus kënnen ze traitéieren an ze léieren. Zum anere gëtt et d'Optioun fir Schüler, déi op Grond vu Krankheete länger Zäit oder regelméisseg net an d'Schoul kënne goen, vun engem Enseignement à distance. Dëse kann zum Beispill assuréiert ginn duerch een Telepräsenz-Roboter, deen an der Klass installéiert gëtt. De betraffene Schüler kritt een I-Pad zur Verfügung gestallt, wat him erméiglecht, an Echtzäit um Cours deelzehuelen. De Roboter iwwerdréit dee Moment de Cours, an de Schüler huet d'Méiglechkeet, sech aktiv um Unterrecht ze bedeelegen. Dëse Projet gëtt vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend finanzéiert an gëtt aktuell mat eenzelne Schüler an der Grondschoul oder an de Lycéeën an Zesummenaarbecht mat de Spideeler ausprobéiert.

**Ad 4)**

Onofhängeg dovunner, op e Schoulgebai behënnertegerecht adaptéiert ass oder net, gëtt en eventuelle Schued dem legale Regime no indemniséiert. An dësem Kontext gëtt op den Artikel 91 et suivant vum Livre II vum Code de la Sécurité sociale an déi zivilrechtlech Reegele vum Droit commun verwisen.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse